

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg


Lëtzebuerg, de 25. November 2021

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Zu Miersch steet dem Aloyse Kayser säin Heemechtshaus. Um Haus ass eng Plack, déi drop hiweist: „Geburtshaus vum Volleksfrënd“. Eisen Informatiounen no soll dëst Haus ofgerappt ginn. Duerfir wëll ech dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Madamm an den Här Minister bestätegen, datt dat betreffent Haus soll ofgerappt ginn?
2. Wéi gesäit a begrënnt de „Service des sites et monuments“ d'historesch, kulturell an architektonesch Bedeitung vun dësem Haus?
3. Am Fall, wou de Service vum Kulturministère dëst Haus als wichteg an erhalenswäert aschätzt, firwat gëtt sech net doru gehalten?
4. Wat geschitt mat der kommemorativer Plack, wann d'Haus sollt ofgerappt ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten